N°2584
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De perséinlechen Auto ass a bleift immens wichteg hei am Land am Beräich vun der Mobilitéit. Nieft dem klassesche Verbrenner ginn ëmmer méi Elektroautoen hei am Land verkaf. Fir dës Elektroautoe musse méi Luetstatioune geschaf ginn, grad am ëffentleche Raum. Fir dës Luetstatioune kënnen ze notzen, mussen d'Parkplaze fir E-Autoen dru gekoppelt ginn.

Den deemolegen Energieminister hat op meng Fro n°7246 geäntwert, dass d'Parkplaze fir Luetstatiounen an der Reegel méi breet wéi normal Parkplaze wieren. A menger Fro n°7246 hat ech schonns drop opmierksam gemaach, dass Persounen am Rollstull oft net un d'Displaye vun de Luetstatioun dru kommen an den Auto soumadder net luede kënnen.

Hei am Land beschreiwen awer eng ganz Rëtsch Leit mat ageschränkter Mobilitéit, dass vill vun de Parkplazen net fir si accessibel sinn, well beim Rausklamme keng Plaz fir de Rollstull do ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Existéiere speziell Parkplaze fir Elektroautoe fir Leit mat enger Beanträchtegung? Falls nee, firwat net?

2. Wéi eng Minimalbreet muss eng Parkplaz fir een Elektroauto hunn?

3. Wéi eng Minimalbreet muss eng Parkplaz fir Persounen mat enger Beanträchtegung (Handicap) hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten